FÉDUSE Enseignement CGFP

Lëscht 1

Walspezial 3/5 : Fuerderunge bis 2030

Schoulqualitéit a Schoulentwécklung

Reform op deenen ënneschte Klassen am ESG

D'FÉDUSE-CGFP fuerdert méi streng a méi kloer verständlech Promotiounskrittäre fir déi ënnescht Klassen am ESG. Am Fall vu schlechter Leeschtunge vun engem Schüler sollen d'Méiglechkeeten ugepasst gi fir, jee no Situatioun, eng obligatoresch Reorientatioun, oder aner pedagogesch Moossnamen z'ergräifen. Och d'Krittären, déi zu engem Redoublement féiere sollte verschäerft ginn. Dëst ass déi éierlechst an transparentsten Aart a Weis fir de Schüler an hiren Elteren ze weisen, wou si tatsächlech en cours de route stinn, ouni déi zukünfteg Orientatiounsméiglechkeeten no der 5G vun de Schüler vu vireran ze hypothekéieren.

Valorisatioun vun der Beruffsausbildung

Vill ze dacks landen d'Schüler net aus Iwwerzeegung an der Beruffsausbildung, mee well hinnen alternativ Weeër opgrond vun net erreechten Zougangskrittäre verspaart bleiwen. D'FÉDUSE-CGFP fuerdert e Paradigmewiessel an der ëffentlecher Duerstellung vun der Formation professionnelle, besonnesch well sech ofzeechent, dass d'Handwierk ee vun de Beräicher ass, an deem de Mënsch kuerz- a mëttelfristeg am mannsten duerch kënschtlech Intelligenz kann ersat ginn. Doduerch wäert d'Nofro u qualifizéierte Leit am Handwierk tendenziell weider klammen. An eisen Ae soll d'Erhéije vun der Wäertschätzung vum Handwierk an eiser Gesellschaft eng vun den Haaptprioritéite vun der Regierung ginn. D'FÉDUSE-CGFP ass jiddefalls gäre bereet dobäi ze hëllefen, an engem nationalen Aktiounsplang déi gesamt Beruffsausbildung op de Leescht ze huelen an déi néideg Reforme mat unzestoussen.

Stäerke vum traditionnellen nationale Schoulsystem

Als Haaptäntwert op déi demographesch Entwécklung gëtt momentan virun allem op ëffentlech Europaschoule gesat, déi sech am Laf vun de leschte Joren als konkurrent Parallelwelt zur traditionneller Schoul etabléiert hunn. Ëmmer méi Schüler erkennen, dass dëse Curriculum fir si eng méi kamoud Alternativ um Wee zu engem Ofschlossdiplom ka sinn, virun allem opgrond vun deene vill méi kulante Bewäertungs- a Promotiounsmodalitiéiten an och der Flexibilitéit a punkto Sproochen. D'Äquivalenz vun dësen Ofschlossdiplomer zu deene vum ESC an ESG muss eiser Usiicht no ganz kritesch hannerfrot ginn.

Amplaz weiderhi primär op den Ausbau vun ëffentlechen Europaschoulen ze setzen, mécht d'FÉDUSE-CGFP sech dofir staark, dass endlech och déi grouss Erausfuerderungen am traditionelle Schoulsystem an engem kohärente bildungspolitesche Konzept sollen ugepaakt ginn. An eisen Aen ass et heibäi vu gréisster Wichtegkeet, dass Lëtzebuerg erëm ganz d'Kontroll iwwert d'Léierpläng an d'Bewäertungskrittären iwwerhëlt. Dës gi bei den ëffentlechen Europaschoulen nämlech aktuell zu Bréissel festgeluecht a sinn deemno net spezifesch op d'Besoine vun eiser Gesellschaft an net op eise lokalen a regionalen Aarbechtsmarché zougeschnidden.

FÉDUSE Enseignement CGFP

Lëscht 1

Kohärent Strategie am Ëmgang mat KI (och am Kontext vun den Noexamen)

Den Ëmgang mat kënschtlecher Intelligenz ass net nëmmen an der Schoul eng vun de gréissten Erausfuerderungen an deene kommende Joren. Beispillsweis ass et am Zäitalter vun ChatGPT definitiv net méi ubruecht, dass den Dossier, deen e Schüler am Kader vun engem Noexamen iwwert d'Summervakanz doheem ausschafft, fir d'Promotioun matzielt. De Comité vun der FÉDUSE-CGFP fuerdert d'Ausschaffe vun engem nationale KI-Aktiounsplang fir den Enseignement a wëll vun Ufank un inhaltlech enk mat agebonne ginn.

Qualitéit vum Stage

D'FÉDUSE-CGFP verlaangt, dass d'Reform vum Stage vun 2019 grëndlech evaluéiert gëtt an déi Upassunge gemaach ginn, déi sech opdrängen. Beispillsweis fanne mir et immens onglécklech, dass e Stagiaire a just engem Ordre d'enseignement ausgebilt gëtt an no sengem Stage an een anere System schaffe geet.

Geplangte Reform zum Ofschafe vun de Sektiounen am ESC

Nodeems an deene leschte Joren ëmmer méi nei Sektiounen an d'Liewe geruff goufen – esouwuel am ESC ewéi och am ESG – gesäit den aktuelle Koalitiounsaccord elo op eemol d'Ofschafe vun de Sektiounen am ESC vir. D'FÉDUSE-CGFP fuerdert, vun Ufank u ganz enk an dëse Reformprozess an déi verschidde Pilotprojeten an dësem Zesummenhang mat agebonnen ze ginn.

Lëtzebuerg, den 2. Mäerz 2025

FÉDUSE Enseignement CGFP

Lëscht 1

D'KANDIDATE VUN DER CGFP-FÉDUSE

LËSCHT 1

GUIRSCH Mona

Professeur d'allemand à l'Athénée
Secrétaire générale et Trésorière FÉDUSE
Membre du Comité fédéral de la CGFP
Attachée à la direction et déléguée SFA
Formatrice IFEN
Assesseur élu de la CHFEP

HEYMANS Bob

Professeur de mathématiques au LJBM
Membre du comité de la FÉDUSE
Membre suppléant du Comité fédéral de la CGFP
Membre de la CNESC – mathématiques

KOHNEN Gilles

Professeur de chimie au LAM
Secrétaire de la FÉDUSE
Membre du comité fédéral de la CGFP
Conseiller didactique et formateur à l'IFEN
Membre élu de la CHFEP

SCHOLTES Raoul

Professeur de biologie au LCE
Président de la FÉDUSE
Membre du Comité fédéral de la CGFP
Président de la CNESG - Sciences naturelles
Vice-Président du Conseil Supérieur de l'Éducation nationale

D'Walziedele musse **bis den <u>26. Mäerz erëm zeréck</u> <u>am Walbüro</u>** sinn.
Dofir schéckt Äre Vote fréi genuch fort
an **erënnert och Är Kolleegen** heirun!

Duerch all Är 4 Stëmmen: Staark fir d'Enseignanten!